


Wéi geschitt d'Qualitéitsentwécklung an de Suivi vun der Qualitéit ?

Den Qualitéitsdispositif fir d'Bildungs- a Betreuungsstrukturen huet zwee Aspekter: engersaits d'Qualitéitsentwécklung an anerersaits de Suivi vun der Qualitéit.

D'Gesetz gesäit eng Rei Instrumenter vir, fir d'Qualitéit kontinuéierlech weider ze entwéckelen. Dëst geschitt a sougenannte "Qualitéitszyklen", déi ëmmer nees een op deem aneren opbauen.

Ee Qualitéitszyklus besteet dobäi aus véier Etappen. Dës Etappe sinn :

- Plangen
- Ëmsetzen
- Reflektéieren
- Adaptéieren



Zu der Etapp "Plangen" gehéiert, nieft dem Organiséieren vum Alldag, virun allem dat pedagogesch Konzept dat sech d'Struktur gëtt. Dëst beschreift den Alldag an definéiert d'pedagogesch Approche no där d'Erzéier an d'Erzéierinne schaffen. Dëst pedagogesch Konzept muss dem nationale Referenzkader fir déi non formal Bildung entsprechen. Dee schreift déi grouss Richtlinie fir. D'Agents régionaux begleeden an ënnerstëtzen déi eenzel Kannerstrukture bei dëser Etapp a gi regelméisseg hire pedagogesch Avis dozou of.


Während der Etapp "Ëmsetzen" gëtt dat deeglecht Schaffe mat de Kanner an engem Logbuch dokumentéiert.

All dräi Joer gëtt dat pedagogesch Konzept iwverschafft. Dobäi kucken d'Dageselteren oder d'Equipe zeréck op hir Erfarunge vun de vergaangenen dräi Joer. Si analyséieren hir Dokumentatioun am Logbuch an kucke kritesch op hir Praxis. Si iwverleeë wat gutt gelaf ass a wat verbessert soll ginn.

Fir dës "Selbstevaluatioun" flott ze gestalte ginn et verschidde Méiglechkeeten a Formater. Et gi verschidde Publikatiounen, déi dobäi hëllefen u méiglechst all Aspekter ze denken. Och

d’Konklusione vun den Agents régionaux an d’Remarque vun den Eltere fléissen an d’Aarbecht um neie Konzept mat an. Mam iwwerschaffte pedagogesche Konzept fänkt dann nees en neie Qualitéitszyklus un.

Duerch d’Widderhuele vun de Qualitéitszykle verbessert sech d’Qualitéit an der Bildungs- a Betreuungsstruktur kontinuierlech.



Pedagogescht Konzept, Logbuch a Selbstevaluatioun sinn also wichteg Instrumenter fir d’Qualitéit progressiv weider ze entwéckelen.

Ënnert dem Suivi vun der Qualitéit versti mir Kontrollen an Evaluatiounen duerch Leit vu baussen. De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend huet d’Direction générale de l’enfance an de Service national de la jeunesse matt dem Suivi vun der Qualitéit beoptragt. Dobei hu béid Servicer ënnerschiddlech Aufgaben.

D’Direction générale de l’enfance vum Ministère kuckt op sämtlech strukturell Konditiounen fir den Agrément erfëllt sinn. Dobäi geet et drëm ze kontrolléieren op d’Infrastruktur, den Equipement an d’Personal déi gesetzlech Konditiounen erfëllen. Si kuckt also virun allem op d’Strukturqualitéit. Daat mécht si virun allem ier eng Struktur op geet, mee och wann Ännerungen wéi eng Vergréisserung oder e Changement an der Offer ustin.

Et sinn och d’Mataarbechterinnen a Mataarbechter aus där Direktioun, déi bei Plainte reagéieren oder intervenéieren wann si op Onregelméissegkeeten duerch d’Agents régionaux oder duerch aaner Leit opmierksam gemaach ginn. Si kuckt also virun allem op d’Strukturqualitéit.

D’Agents régionaux vum Service national de la jeunesse sinn do fir d’Qualitéitsentwécklung an de Strukturen ze begleeden. Dobäi läit hiren Fokus virun allem op de pedagogeschen Aspekter. Si kucken zesumme mat den Dageselteren an dem Personal aus de Crèchen a Maison Relais op hir pedagogesch Praxis dem nationale Referenzkader fir déi non formal Bildung entsprécht. Si suivéieren och wéi mat deenen eenzelne Qualitéitsinstrumenter, also dem pedagogesche Konzept, dem Logbuch an der Selbstevaluatioun, geschafft gëtt. Si kucken also virun allem op d’Prozessqualitéit. D’Agents régionaux maache systematesch Visiten op der Plaz a schreiwen all Joer ee Rapport fir all Struktur. An deem Rapport haalen si hir Observatiounen, Bemierkungen, Recommandatiounen an – wann néideg - Obligatiounen schrëftlech fest fir esou der Struktur an hirer Qualitéitsentwécklung weider ze hëllefen.

Déi zwou Vuen op d’Qualitéit an de Bildungs- a Betreuungsstrukturen ergänze sech. Duerfir schaffen d’Direction générale de l’enfance an de Service national de la jeunesse enk zesumme fir esou e vollstännegt Bild vun der Situatioun ze hunn. Si tausche sech iwwer d’Kannerstrukturen aus, a schaffen zesummen drun de Qualitéitsdispositif kontinuierlech ze verbesseren an un d’Besoinen vum Terrain unzepassen.

Am Interessi vun de Kanner ass et wichteg datt d’Dageselteren, d’Crèchen, d’Maison-relais, de Service national de la jeunesse an d’Direction générale de l’enfance an der Qualitéitsentwécklung all un engem Strang zéien.